| **Lëscht vu Workshopen** | Auerzäit, wou dee Workshop ugebuede gëtt | | | |
|---|---|---|---|---|
| | 10.00 - 10.45 | 11.00 - 11.45 | 13.30 - 14.15 | 14.30 - 15.15 |
| Brancheversammlung **Biber** just 13.30 – 14.00 | | | ✓ | |
| Brancheversammlung **Wëllef** | | | | ✓ |
| Brancheversammlung **Avex** just 14.00 – 14.30 | | | ✓ | |
| Brancheversammlung **CaraPio** | ✓ | | | |
| Brancheversammlung **RaRo** | | ✓ | | |
| **Naturfaarwen (Biber-Ekipp)**<br>Wëlls du eng kreativ Versammlung dobaussen organiséieren, awer dir feelt nach eng Iddi? Da komm bei eis laanscht an entdeck wéis du deng eegen Naturfaarwen hirstelle kanns an ouni Pinsel a Blat e Konschtwierk zaubere kanns. | ✓ | | | |
| **Wéi fonctionnéiert ee Weltverband? (International-Ekipp)**<br>Entdeck mat eis wéi WOSM a WAGGGS fonctionnéiere, bréng deng Stëmm an, an hëllef eis, d'LGS um internationale Plang ze vertrieden! | | ✓ | | ✓ |
| **Guiden a Scouten am 2. Weltkrich (AG Archiven a Recherche)**<br>Presentatioun an Diskussioun zum Thema Guiden a Scouten an der Resistenz am 2. Weltkrich | ✓ | ✓ | | ✓ |
| **Escape-Zelt: Dem BP an dem Olave hieren Fotosalbum ass verschwonnen (Grupp Ste Barbe Déifferdeng)**<br>a Form vun Escape Game Infos zum Ufank vum Guidisme a Scoutisme an iwwwert dem BP an Olave hiert Liewen kréien (fir maximal 8 Leit) | ✓ | | ✓ | |
| **D'ONGD an hir Partner am Süden (ONG Lëtzebuerger Guiden a Scouten fir ENG Welt)**<br>Duerch en interaktivt Spill wäert dir d'Relatioun mat eise Partner am Süden (Senegal, Niger, Cabo Verde a Bolivien) kenneléieren | | ✓ | ✓ | ✓ |
| **What the f*** is SAFAB?? (Liz, Roxane)**<br>Wat ass eigentlech de SAFAB?<br>Wann dir iech déi Fro och scho gestallt hutt, da kommt an entdeckt wat mir esou maachen.<br><br>Zesumme spille mir e Gänsespill iwwer dat dir gewuer gitt wat eis Missiounen an Aufgabe sinn, an a wéi enge Beräicher dir eis Ënnerstëtzung kënnt kréien. Kommt spillen a léiert eis an de SAFAB (Service d'Assistance aux Formateurs et Animateurs Bénévoles) kennen. | ✓ | | | ✓ |
| **Matbëstemmungbei den LGS (ZpB Zentrum fir politesch Bildung)**<br>Fuerdert äert Gléck eraus an dréint um Glécksrad, diskutéiert mat eis iwwert Participatioun, Matbestëmmung an Demokratie an hannerloosst är Wënsch fir d'LGS an enger Walurne. | | ✓ | ✓ | |
| **Zigaretten,Vapes & Co Zwischen Hype und Risko (CNAPA)**<br>Vapes sind trendy, Zigaretten ein Klassiker – aber was heißt das für dich als Chef? In diesem Workshop geht's nicht um erhobene Zeigefinger, sondern um dich, deine Haltung und deine Rolle bei den Scouten. In diesem Workshop kannst du dein Wissen rund um Nikotinprodukte testen und offen über Konsum und Verantwortung diskutieren. Interaktiv, ehrlich und praxisnah – damit du sicher auftreten kannst, wenn das Thema in deiner Gruppe aufkommt. | ✓ | ✓ | | ✓ |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Lët'z Talk About (Fabienne Michaux)**<br>Bibliothèque thématique sur la santé affective et sexuelle<br>Que faire concrètement si une jeune a ses premières règles pendant le camp ou au cours d'une réunion scout<br>Présentation de plusieurs activités qui permettent de parler des menstruations avec son groupe. Quiz sur les règles / Echange autour de questions réelles de jeunes/présentation de différentes produits menstruels / échange autour des questions des chefs participant à l'atelier | ✓ | ✓ | ✓ | ✓ |
| **Vorstellung unseres Angebotes (Consortium Zesummen fir Agenda 2030)**<br>Die Teilnehmer/innen tauchen in ihr Weltbild ein und lernen die Mechanismen kennen, die uns oft noch pessimistischer machen. Sie lernen,wie sie mit der "Factfullness-Methode" aussteigen können. Oft sehen wir die Welt schlechter als sie ist. Mit Fragen rund um die Agenda 2030 machen wir ein Quiz, spielerisch in der Gruppe. Wir lernen die Gründe für unsere falschen Vorstellungen kennen und auch Methoden, um das zu ändern. Bei Interesse Praxisbeispiele in Form von Workshop "Unseren Blick verändern" | ✓ | ✓ | ✓ | |
| **CliC Clima Competent (Service National de la Jeunesse)**<br>An eisem Workshop stellen mir kuerz eisen Programm "CliC - Climate Competent" fir, deen als Zil huet Jonker an der Krisenresilienz a Bezug op Extrem Wieder Eventer ze staerken.<br>Fir unzefänken kritt der een Iwwerbléck iwwert d' Struktur an den Inhalt vum Programm, deen Dir mat aerem Scoutsgrupp (**Avex, CaraPio, RaRo**) buche kënnt.<br>Uschleissend kenn Dir duerch praktesch Übungen 3 Themenberäicher vum Programm kennen léieren an een Abléck kréien wéi eng Methode mir notzen. Als Ofschloss lueden mir Iech op een Austausch zu dësem Thema an. | ✓ | ✓ | ✓ | ✓ |

| **Lëscht vu permanente Stänn** (net an der Mëttesstonn) |
|---|
| **Eisekuchen iwwert dem Feier (Biber-Ekipp)**<br>Sichs du eng nei Iddi fir um Feier ze kachen oder hues du einfach Loscht op e leckeren Dessert? Da komm bei eis laanscht a maach dir en Eisekuch mat verschiddenen Toppings! |
| **Mystaria-Eck & Paracord-Atelier (Wëllefchers-Ekipp)**<br>Ob Leinduch oder Champignon aus dem Mystaria-Bësch, Fënns du alles hei bei eis um Dësch. Vill schéin Erënnerungen gesäis du hei,Fotoen, Zeitungen an Fakten allerlei! Brauchs du nei Iddien fir deng Wëllef-Männecher<br>Da komm a maach e puer Bännecher. Mat bloer a gieler Paracord kréien mir dat hinn, Well mir déi Allerbëschten sinn! |
| **Mir bauen zesummen Spiller (Avex-Ekipp)**<br>Zesumme baue mir 3 grouss Spiller. Dës Spiller ginn dann als Präis fir den Absurdcup geholl. Kommt also laanscht an hëlleft eis cool Spiller ze bauen an vläit gewënnt är Trupp jo eent vun deene Spiller um Absurdcup 2026. |
| **Infostand iwwer de Blarod an eis Badger (CaraPio-Ekipp)**<br>Mir presentéieren eis nei Badger vum Perséinleche Fortschrëtt an hunn och en Infostand vum Blarod, dem nationale Camp an Dänemark 2026. |
| **Infostand Odyssee (RaRo-Ekipp)**<br>Presentatiounen vun den Odysseeën an allgemengen Infostand iwwer d'Raro am Joer 25/26. |
| **Infostand (Albatrossen)**<br>Gauffer oder Panesch selwer maachen |
| **Ween ass de beschte Scoutsgrupp? (GruppenEkipp)**<br>Kommt bei eis laanscht a spillt bei e puer klenge Spiller fir fir ären Grupp den Highscore ze erreechen. Esou fanne mir och dëst Joer nees eraus, ween de beschte Grupp am Land ass – an ween den Nidderaanwener Grupp als Gewënner ofléist. Dëst Joer luede mir d'Gruppechef net op eng Versammlung an. Mee mir wieren ganz frou wann d'Gruppechef eis op eisem Stand Moien soen kommen. |
| **Infostand (International Ekipp)**<br>Fannt hei all d'Informatiounen zu Campen am Ausland am Joer 2026, dem Jamboree 2027 a Polen a villem méi! |

| |
|---|
| **Podcast: LGS Zeltgepëspers (Programm-Ekipp)**<br>Du hues dech schon ëmmer gefrot wien d'Gesiichter hannert dem LGS-Podcast sinn oder wëlls deng Stëmm am nächsten Podcast héieren? Da komm laanscht a maach mat ! |
| **Informatiounsstand (Programm-Ekipp)**<br>Komm laanscht a maach mat! Sierf et bei der Podcastekipp, beim Thinkingday oder bei der Jugendekipp. Wanns du méi heiriwwer wësse wëlls, dech abréngen wëlls oder dech schon wëlls fir déi nächst grouss Aktivitéit umellen wëlls, da bass du bei eis richteg. |
| **Froen zur Formatioun an aneren administrative Punkten (Formatioun a Sekretariat)**<br>Mir sinn do fir Froen ze äntwerten an iech den Wee zu ärer Formatioun méi no ze brengen. Fir d'Participatioun um Kongress a Chefdag kriss du e Paddel, deen's du am Sekretariat validéiert kriss |
| **Stand iwwer den ROI (Finanzen, Admin & AG Statuten)**<br>Mir sammelen Input vun de Chef iwwert d'Grondsazfroen déi am ROI (Règlement d'ordre interne) solle gekläert ginn. |
| **Erënnerungseck (EAS)**<br>Mer erënneren eis un am Joer 24/25 verstuerwe Guiden a Scouten, wat mer Flottes mat hinnen erliewt hunn, wat si bei den LGS lokal an national geleescht hunn, wat mer dovu weiderféieren, wat mer vun hinnen geléiert hunn, ... |
| **Programm 25/26 (EAS)**<br>Hei kritt der Infos zum Programm vum Joer an kënnt schon eng Pré-Inscriptioun maachen. Der kënnt iech och fir d'Newsletter umellen. |
| **Mer fësche BP Zitater a maache Popcorn um Feier (EAS)**<br>Mat enger Angel mat Magnéit fëschs du eng Kaart mat engem Zitat vum BP. Lies et duerch. Wat häls du dovun? Passt et nach an eis Zäit? Kanns du dech dermat identifizéieren? Deel deng Iwwerleunge mat den anere Chef*taine um Stand oder mat der Ekipp EAS. |
| **Bealtaine reloaded 2026 / Info divers (Native Village)**<br>Infoen zum neie Programm um Bealtaine Festival 2026, Infoen an Umellung fir Wëldiessen a soss Aktivitéiten vun der Ekipp |
| **Wood'n Luna Park (Native Village)**<br>Entdeckt a probéiert 10 verschidden Holzspiller XL wou är Teamfäegkeet a Geschécklechkeet gefuedert sinn. Am Laf vun der nächster Saison sollen esou Spiller d'Offer niewt de pädagogesche Kofferen fir Gruppen erweideren. |
| **Drénkwaasser (Nohaltegkeet)**<br>Wéi ee Waasser drénks du? Erkenns du däi Liblingswaasser? Komm laanscht a schwätz mat eis iwwert Drénkwaasser. |
| **Matbëstemmung bei den LGS («Zentrum fir politesch Bildung » (Liz, Tom))**<br>Fuerdert äert Gléck eraus an dréint um Glécksrad, diskutéiert mat eis iwwert Participatioun, Matbestëmmung an Demokratie an hannerloosst är Wënsch fir d'LGS an enger Walurne. |
| **Niddrëgseelgaart (Klamm-Ekipp)**<br>Mir presentéieren Iech eisen Nidderegseelgaart an d'Datumer fir eis nächst Formatiounen.<br>Eng flott Geleeënheet fir eis kennen ze léieren, Froen ze stellen an eise Programm ze entdecken. |
| **Lokal Gruppen an den Archiven (AG Archiven a Recherche)**<br>Mir weisen Dokumenter, Kaarten, Fotoen an Informatiounen zu der Entwécklung vun lokale Gruppen bei den LG, LS an LGS. Test däi Wëssen zu de lokale Gruppen an eisem Actionbound! |
| **LGS-Shop bei Lessure mat Gewënnspill (Frënn vun den LGS asbl - LGS Shop by Lessure)**<br>Verkaf vun LGS- an aaneren Artikelen |
| **Stand (Scouts 4 refugees)**<br>Mir presentéieren am Réckbléck eis Aktivitéiten vun 2024-2025, an wat fir 2025-2026 geplangt ass. Gruppen kënnen sech aschreiwen fir eng Aktivitéit ze plangen, an och nei Matarbechter kënne sech aschreiwen. |
| **Infostand (Mérite Jeunesse)**<br>Hei kritt dir all Infos zum Merite Jeunesse Wat ass de Merite Jeunesse? Firwat deen grad bei de Guiden a Scouten machen? Firwat Tuteur ginn? Wat sinn d'Aufgaben vun engem Tuteur? Wou kritt een als Participant Infoen? |